Th.-G.Verlag Esch S.Henri
1953 Nr.17

# "Probe'ren kascht neischt".

Löschtegt Spill f.Médercher, arr.v.H.M.

**Perso'nen:**

Mme.Se'ssâpel,
Scho'schtesch Kättreng,
Schneidesch Gre't,
Mme.Druck,arme Fra
Elise,Bonne,
Lilly an Tilly, ausgelôsse Kanner.

**Szénerie:**

(Op der Bühn ass en Uebststand opgerîcht mat engem gro'sse Mârtp li oder mat engem Lâtegestell.Se'ssâpel sötzt als deck Verkéferi derbei a streckt un enger lânger Hues.Kappduch,graff Mane'eren, wäscht sech daks d'Nues mat dem Arm a.s.v..Op dem Dösch eng gro' Schell.)

1.Szén,Se'ssâpel,Lilly an Tilly.

Se'ssapel:(rifft):Hallo! Hallo! Heihin dir Leit, hei ass et,wo' et gölt.Se'ssapels Se'ss huet alles wât dir braucht! Aeppel,Nöss, Biren,Eer an Hunneg,Schongwichs,Soda a Chouxfleur! - Heihin! hei ass et wo' et gölt! - (Am Hannergrond spillen d'Lilla an d' Tilly am Sél,lâchen, Se'ssapel greift erem zo' hirer Hues a brummt):Ké Mönsch könnt , ass dât eng lauseg Zeit!

Tilly:Lauseg Zeit? - Ei Mme.Holzapel,da misst dir Kämm verkâfen!

Se'ss:(blötzt op):Sin de' 2 Plôgéschter erem do? Der Jômer hölt iéch! Ech héschen Se'ssapel - an net Holzapel!(De' 2 lâchen)

Lilly(hölt eng Quetsch a probe'ert):Wât sin d'Quetschen?

Se'ss: 3.5o fr. d'Pond. Wöls de der?

Lilly(gezugen): Nén,merci, ech wollt nömme froen.

Se'ss(sprengt rôsen op):An dobei probe'ers du schon?

Lilly:Dât kascht dach secher neischt.

Se'ss:(mat drohendem Geste):Ei du le'weger Bimbam,do soll iéch dach gleich.....(de' 2 sprange lachend of) Se'ss sötzt sech a streckt erregt virun)a - Eso' eng Band! - - Probe'ere kascht neischt! - eso' könnt jidderén kommen... (kuckt hannert d'Bühn) An elo könnt Drucks Béb,de' Héschefrâ. - Oha, dât huet mir grad nach hei gefélt. - Elo kann et jo e Gejômers gin.

2.Szén Se'ss,Druck

(Druck ass eng ärmlech geklédt,schüchtern Perso'n,huet en âle Kuref am Arm,verhärmt Gesîcht,glât,grôt Hohr. Lilly an Tilly kommen vun Zeit zu Zeit an den Hannergrond lûssen. - Se'ss mecht we' wann et d'Druck net ge'f gesin,mecht we' wann sie d'Mecken ge'f vum Uebst jéen.)

Se'ss:Dât miserabelt Meckeve'h! Och iwer de' muss ech mech irgeren... (wann d'Druck bei hir stoe bleiwt) - An, wât hu mir?

Druck:Oh,le'v Mme.Se'ssapel,meng No't ass eso' gro'ss. Du wollt ech frôen,ob dir eso' gudd wirt....

Se'ss(fällt an): Paperlapapp! Neischt ze mâchen. Héscherei göt et bei mir net! Eso' eppes dulden ech net!

Druck:Awer le'v Madame, 't gét eis wirklech eso' schlecht. Wann dir..

Se'ss(fällt erem hefteg an ):Nén,nén, ech gin neischt. Wo' ke'm ech hin, wann ech all Héschepâk.... nén,nén, "Selbst essen macht Fett", sét d'Sprachwurt. - Mâcht iéch eweg elei! Allez gitt!!

Druck(traureg):Da muss ech jo goen. Den Herrgott soll iéch er Hartherzegkét verzeihen.(of, och Tilâ a Lilly verschwannen am Hannergrond)

Se'ss(streckt se'er,jét dann ent wann d'Mecken): Dém senger sin ec. lass! - Ech hâle wuel jo! .... an ech soen et nach eng Ke'er: neischt gin ech hir! - Wié ké Geld huet, dé soll sech meinetwegen de Fanger an de Mond stéchen.-Vu mir get et neischt!... (neckt,gâbst) D'Geschäft gét schlecht...... Ech sin eso' midd a schle'frech..... d'lescht Nuecht hun d'Schnôken mech eso' geplôt.(schle't no de Mecken) - Oemmer de' Lo'der Mecken..... de' mâchen - - - engem d'Liéwe sauer.(le'st de Kapp hänken,kurz dr schnarcht se).

3.Szén Se'ss,Tilly,Lilly

(De' 2 kommen ganz virsîchteg.Tilly huet e gro'sse Kartong wo' gro' dropstét:"Probe'ren kascht neischt.)

Tilly:Eso' e geizegt Framönsch!

Lilly:Sie huet de' arme Mme.Druck richteg fortgejét.

Tilly:"Selbst essen macht fett" huet sie gesôt!

Lilly:De' arm Leit sollen sech de Fanger an de Mond stéchen,huet se gesôt.

Tilly:Dât berèpst se!
Lilly:Kuck emol we' gutt mokeleg ass se!
Tilly:An sie schnarcht we' eng Sémaschinn! El hänke mir dât Schöld hei op, dât get e Mordspâss.(d'Schöld muss eso' gehânge gin,datt én et gutt geseit)
Lilly:Probe're kascht neischt! Gro'sarteg! - Elo kann et lass gon. Komm, mir verstoppen eis.
Tilly:Ah nén,elo get se fir 't e'scht nach e we'neg geködelt.(hölt e Stre'hallem,ködelt se un der Nues.Se'ss schle't am Drâm no de Mecken - dât Spillchen get e purmol gemét- mä net ze lâng - endlech erwöscht d'Se'ss den Hallem a sprengt rôsen op, während de' 2 am lâchen fortsprangen)
Se'ss:Art dir Lompen! - Neischtnotzegt Geschirr! (reiwt sech d'Nues) Elo hun ech gedrém d'Mecken de'te mir em d'Nues eremfle'en,an du war et e Stre'hallem.(sötzt sech,streckt,gâpst): Ah,wât ass én dach e gëplôte Frâmönsch) (entschle'ft erem)

4.Szén, Se'ss, Scho'schtesch Kättreng

Kättreng(einfach Fra mat Marttäsch,könt lues eran,schätzt fir sech) Mei Mann ass Scho'ster,do verdengt hién net eso' vill we' e Barong.... D'Zeite si schlecht,do muss é rechnen datt é mat den Enner zesumme könt..:(geseit d'Schöld): Ei! Wât ass dât do? --- Probe're kascht neischt? - (schle't verwonnert d'Hänn zesummen): Do huet dât gaizegt Se'ss sech awer gebessert! .... an 't schle'ft jo.... mä da wöll ech awer emol richteg probe'ren.(Probe'ert schmunzelnd vun allem,knat dichteg,während d' Se'ss am Schlôf no de Mecke schle't)
Se'ss(erwächt no enger Weil,reiwt sech d'Aen):Wât muss ech gesin? Scho'stesch Kättreng fiddert sech mat mengem Uebst?
Cättreng:Ech mengen dach,Probe'ere kascht neischt?
Se'ss(sprengt erregt op):Wât? Dir sit awer gutt geroden! Hun ech mein Uebst vleicht gestuel?
Kättreng:Hahaha!(knat virun)
Se'ss:Dir lâcht mech och nach aus!!
Kättreng(knât nach ömmer):Wât kaschten de' faul Aeppel elo?
Se'ss:Faul Aeppel,sôt dir? Faul Aeppel? - Da wart elo,ech gin iéch Faul Aeppel!(Geheit dem Kättreng,de' se'er fortléft,e Kurf Aeppel no,sötzt sech dann erschöpft nidder,hölt d'Hues erem) Eso' en Irger.- Dé frösst mir op der Se'l. A mengem Liéwen gin ech keng Uebstfrâ me'.....(schle't no de Mecken a schle'ft erem an)

5.Szén Se'ss,Tilly,Lilly

(De' 2 tauchen geheimnesvoll am Hannergrond op,Tlilly vu lenks a Lilly vu riéchts.Virsîchteg strecken se d'Käpp no der Schle'fesch,gin sech Zéchen,kicheren.Plötzlech hölt d'Tilly d'Schell a schellt we' rôsen.Se'ss sprengt jäh op,fuchtelt erregt mat den Armen an ass ganz ausser sech.Schle'sslech stét et ganz erschöpft do,d'Aerm an d'Höften gestemmt.)
Se'ss:Eso' eng frech Gesellschaft.... Mein Hèrz klappt nach we' en Hummer an der Schmött. - Wart,dir frech Gesîchter!
Tilly(trött mat onschölleger Minn vir):Oh, le'v Mme. Holzâpel,dât dét eis awer schrecklech léd, ganz bestömmt.
Se'ss:Eso'??... Wurfir huet dir dann eso' verreckt geschellt?
Tilly:Dir huet jo geschlof,an ech wollt Quetsche kâfen.(fänkt un d'Quetschen ze probe'eren)
Se'ss:Aha! Endlech e Geschäft. We'vill Pond wölls du dann?
Tilly(während d'Lilly am Hannergrond am Sél sprongt):Mir wöllen der nämlech amâchen.
Se'ss:So',so'!(hölt eng ganz gro'ss Tût)-Also we'negstens 2o Pond?
Tilly(versicht ömmer virun): Sin se och se'ss?
Se'ss:Dât könns du dach ewell lâng wössen.Du hues jo schon iwer eng Dosen verdaxt.
Tilly:Ech mengen dach, Probe're kascht neischt?
Se'ss:Zum Deiwenker mat èrem Probe'ren.. Sollen et vleicht 3o Pond sin?
Tilly:Sin och keng Mueden drann?
Se'ss(erregt): Elo reisst mir awer d'Gedold!(jeitzt):Ech wöll wössen we'vill Quetschen dats de brauchs. Bei engem Zenner liweren ech se frei an d'Haus.
Tilly:Oh, da get mir der emol fir 2 Frang!
Se'ss(aeusserst erregt):Wât? Fir 2 Frang? A fir 1o Frang hues de schon probe'ert? - Do soll dach...(drohend Geste, Tilly léft se'er fort,Se'ss geheit him e Kuref Quetschen no)Eso' eng Frechhét ass mir nun dach nach net bege'nt.(zo' Lilly,dât mat ganz

harmloser Minn' me! noh könt):An du bass och ént vun dénen.Wât häss du gär?
Lilly:Huet dir Hunneg,Mme.Se'ssapel?
Se'ss:O jo!(hölt en Emer erbei,d'Lilly fihrt ma'm Fanger dran a schmâcht):Feinen Hunneg! Echte letzeburger Beienhunneg! -- We'vill Pond soll ech weien?
Lilly(schmâcht nach ömmer): Ass et och kén Hoarespelshunneg?
Se'ss(baff):Hoarespelshunneg?- Huet é scho jé eso' eppes he'eren. Du hues se wuel net me' all,mei Kand..... An iwerhâpt,lôss dât Schlecken. 't stecht én de Fanger net an den Hunneg.
Lilly:Ei, Probe'eren kascht dach neischt!
Se'ss:Ech wöll elo endlech wössen,we'vill Pond Hunneg ech soll ofweien.- En hallef Pond hues du schon gefiddert.- Soll ech lo Pond mâchen?
Lilly:Wât kaschten lo Pond?
Se'ss:D'Pond ass 1o,4o frs. Zeng Pond gin ech fir 13o frs.
Lilly:Da weit mir es emol fir 5 Sous.
Se'ss:(Rôsen):Ah eso'! Du wölls och de Geck mat mir mâchen? - Hei.. huel dât derfir.(Stöllept him den Emer iwert de Kapp,Lilly léft am Bröllen dermat ôf. - - Se'ss sötzt sech erschöpft,hölt d'Hua erem zur Hand): Wât ass dât haut nömmen ömmer mat dem:Probe'ren kascht neischt? - Ech gin net klug draus....Jidderén wöllt nömme probe'ren a ké wöllt kâfen.(sönnt) Ass d'Welt da verhext....? oder ass et eng Strôf,weil ech eso' hart war ge'nt d' Mme.Druck.(Klappt sech op d'Broscht):Heibannen re'ert sech eso eppes..... 't werdt wuel de Gewössenswurm sin....(Gâbst an neipt) An ech sin ömmer nach eso' midd.... eso' ... schle'frech! (neckt, schle'ft an)

6.Szén Se'ss,Schneidesch Gre't

(Gre't ass eng go'erech,ganz ärmlech geklédt Perso'n,e Kuref am Arm.Meckert beim lâchen we' eng Gés.Könt lues op d'Bühn, ziélt op de Fanger)
Gre't:Zwé Pond Gromperen,dât mecht 3 frs. Eng Zoppeschank kascht der 4.....(seufzt) an 6 ganzer Frang hun ech nömmen nach.Domat soll én 7 Kanner an e Mann durchbrengen.(geseit d'Schöld)Wât ass dât? Probe'ren kascht neischt! - OoooH,wién hätt dât vun dér Geizschlang vu Se'ssâpel geduecht! ... Dât le'sst Schneidesch Gre't sech net zwémol soen.(Föllt hire Kuref mat Uebst a Geme'ss,a fiddert dichteg derbei) Och Eer sin hei?.... De' muss ech och emol probe'eren.(De' sin ausgeblosen) - Dobei spurt én e Möttegiéssen!(drenkt en Ee aus, Se'ss erwächt,kuckt fir 't e'scht ganz sprachlos,sprengt dann op)
Se'ss:Wât héscht dât? - Schneidesch Gre't säift hei meng Eer aus..? Hé, wât soll dât héschen?
Gre't:Ei, 't héscht dach,datt d'Probe'ren bei iéch neischt kascht?
Se'ss(Wöll):Schon erem eng Ke'er? Elo ass et es awer genug! Hei huet dir d'Eer, elo probe'ert eso' we' dir wöllt!(geheit dem Gre't d'Eer all der Reih no an de Kapp,dât léft se'er fort,- geheit him nach de Kuref no.Sötzt sech dann hin,schnauft we' eng Dampmaschin a jômert):Elo hun ech eppes geschafft! - D'Eer fort,den Hunneg fort,d'Quetsche fort! d'Aeppel fort!.Ech kann meng Bud gleich zo'mâchen! ....Wât ass dât nömmen datt ech ké Gleck me' hun. 't mengt én der Deuwel wöllt de Geck mat mir mâchen! ... Sie wöllen all nömme Probe'ren.(seufzt): Ah jo! d'Strôf fir meng Hartherzegkét ass hart....(gâpst schle'frech) Wann d'Mme.Druck...nach émol...ke'm... ech ge'f se... net... me'....(schle'ft)

7.Szén Se'ss,Druck:

(D'Bühn get hallef deischter.Vun hannert der Bühn he'ert én, we' am Drâm en Harmonium,oder eng Gei:Leise,leise,fromme Weise. De' Musek hält während der ganzer Erscheinong un a brecht mat dem Verschwannen vun der Fee of.- Druck trött ganz a weiss,als Fee op,mat wehendem Schleier a sölwernem Stirréf.We' schwebend bewegt sie sech e pur Mol em den Uebststand mat dem Se'ss,a mecht mat engem Zauberstâf geheimnesvoll Zéchen am Takt vun der Musek.Dann bleiwt se virun der Mme.Se'ssâpel stoen a sét mat wécher Stömm:)
Druck: Vergiéss et net,Se'ssâpels Se'ss
- A siéf der Fee durfir net be'ss -
Blo's glecklech mecht Erbarmen -Siéf gutt zo' allen Armen!
Oh,gléw et mir,zo' aller Zeit-Brengt Matgin vill me' Gleck we' Geiz.

(D'Fee mecht nach e pur anmuteger Bewegongen am Takt vun der Musek,da schwiewt se lues of.Musek brecht jäh of. 't get erem hell)

Se'ss(erwächt,reiwt sech d'Aen): Wât hun ech elo gedrémt...? Eng güdd Fee ass bei mech komm, sie hât d'Gesicht vun der Mme.Druck, dé' ech fortgejét hun."Matgin brengt me' Gleck we' Geiz" huet sie gesôt.... we' wonnerbar sche'n,richteg se'leg huet dât geklongen.(kuckt hannert d'Bühn) Oh, elo könt jo d'Joffer Elise, mat dèr kann ech schwätzen. 't muss én eng Se'l hun dèr én sein Hèrz ausschödde kann.(greift sech un d'Stir): Ech si ganz durchernén vun e lauter Oprégong..... Nén,nén, net me':"Selbst essen macht fett" mä "Matgin brengt me' Gleck we' Geiz".Un dé Sâtz wöll ech mech an Zukonft hâlen.

8.Szén Se'ss,Elise

Se'ss(erhiéwt sech,mecht e Knix,ass ganz durchernén):Ei Bonjour Joffer Elise. Wât wir iéch gefälleg?

Elise(e bessert Médchen,mat Kuref,erstaunt):We',d'Mme.Se'ssâpel mecht mir haut e Knix? Ech sin dach net d'Mme.Direkter!

Se'ss:Ah jo. 't ass jo wo'er! Awer wât wöllt dir dann haut,Joffer?

Elise(op d'Seit):We' gelungen könnt mir de' Frâ haut vir.(hart) Ech hätt gär Schongwichs a Soda.

Se'ss:(Sicht dorömer):Jo jo, dât hun ech.Ganz frösch.Vun dösem Johr(récht eng Wichsschachtel):Wann dir awer fir 't e'scht wöllt probe'eren...? 't kascht neischt!

Elise:Awer Mme.Se'ssapel. 't schmâcht én dach keng Wichs!(röselt de Kapp)

Se'ss:Wât hun ech dann do gesôt?(tippt sech un d'Stîr) Ech si ganz dorueter.

Elise:Ech gesin.

Se'ss:Jiddérén könnt haut a wöllt fir neischt probe'ren.Scho'stesch Kättreng,Schneidesch Gre't,d'Tilly an d'Lilly, all hun se probe'ert a mir den hallewe Stand opgiéss...

Elise:Mä, we' ass dann dâtb me'glech?

Se'ss:Oh, ech arme Frâ!(schluchst,fihrt sech mat dem Schirteg iwer d'Aen):Jo, we' ass dât me'glech? Ech sin halt verhext,zur Strôf,weil ech de' arm Mme.Druck hartherzeg fortgescheckt hun... Ech mâchen et bestömmt net me'.

Elise:Dât war jo och nun net sche'n vun iéch.

Se'ss(erziélt eifreg):An elo ass d' Mme.Druck mir jo d'e'nescht am Drâm als sche'n Fee erschengen. Sche'n we' en Engel, an ech, ech war den Deiwel(schluchzt an hirt Schirteg) Ewell sin ech verhext. Wann ech nömme we'sst wurfir se all nömme probe'ere wöllen,oni ze kâfen! (Elise geseit d'Schöld-röselt sech vu Lâchen) - Wurfir lâcht dir!

Elise(lâcht):Mä elo stét et jo op dem Schöld:Probe'ren kascht neischt!

Se'ss(starrt d'Schöld un):Do soll én dach....

Elise:Hahahaha!

Se'ssâpel:Mir gét eng Speicherlîcht op.Dât waren de' 2 Neischtnotzen Tilly a Lilly !

Elise:Dé Spâss ass net schlecht.

Se'ss(nodém sie kurz iwerluegt huet): Ech awer sin gehélt vu mengem Geiz.- An dât wöll ech beweisen.- Dohanne gét d'Mme.Druck! (wenkt)Kommt heihin,le'v Mme.Druck.- Kommt nömmen!

9.Szén Vireg,Druck

Druck(könt schüchtern eran):Huet dir mech geruff?

Se'ss(eifreg):Jo,jo,fèrt net, ech sin net me' de' âl Geizschlang. Hâlt emol ere Kuref op.

Elise(fir sech)Dât lôssen ech mir gefâlen!

Se'ss(föllt hir hasteg de Kurf):E'so dat ass fir iéch a fir èr Kanner.A wann dir erem eppes braucht,kommt ro'eg,Se'ssapels Se'ss höllef ömmer eso' vill sie kann.

Elise(klatscht an d'Hänn): Bravo! (Druck wöllt merci soen,Se'ss wihrt ôf,get hir d'Hand)

Se'ss:Hei ass neischt ze danken.Ech sin elo glecklecher we' jé, well ech hu fir 't e'scht gefillt datt Matgin me' Gleck brengt we' Geit. (Hir Hand leit nach ömmer an dèr vun derMme.Druck)

Elise:An den Herrgott werdt iéch et looofach lo'hnen!

<u>Vorhang</u>

Preis: 1 Roll = 4 Frs. 29.XI.1953
7 Rollen mat émol Opfe'erongsrecht = 50 frs. HR
Ofschreiwen a Weiderverle'hnen ass verbueden!!!